ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 9. Mee 2017

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Infrastrukturen a nohalteg Entwécklung weiderzeleeden.

Am Mäerz dëses Joers sinn d'Iwwergangsbestëmmunge fir dat neit Taxis-Gesetz ofgelaf. Et ass mir gesot ginn, datt et vereenzelt zu Problemer koum, z.B. an der Fro vun der fräier Wiel vun engem Taxi an enger Rei vun Taxien.

Duerfir wëll ech dem Här Transportminister dës puer Froe stellen:

1. Sinn d'Chauffeuren all ëmfaassend iwwer dat neit Gesetz informéiert ginn an och doriwwer, datt et nom neie Gesetz keng Taxisschlaang méi gëtt, well d'Clienten sech hiren Taxi aussiche kënnen?
2. Ass an där Informatioun däitlech gemaach ginn, datt d'Taxis-Präisser fräi sinn an datt et dat gutt Recht vun all Chauffeur an all Firma ass, hir Präisser fräi ze fixéieren?
3. Sinn d'Taxis-Präisser schonn erof gaangen oder huet d'Gesetz dëst Zil bis elo nach net erreecht?
4. Wéi huet sech d'Zuel vun de Plainten iwwer den Telephon oder direkt un d'Taxiskommissioun entwéckelt, dat esou wuel bei de Cliente wéi och bei de Chauffeuren?

Zousätzlech zu dëse Froen iwwer dat neit Taxis-Gesetz wollt ech och nach ëm aner Präzisioune bieden déi am Zesummenhang mat der Taxis-Branche stinn. Dëss betrëfft besonnesch déi ëmmer méi grouss Zuel vun elektreschen Taxien.

5. Wann ee Chauffeur mat engem E-Auto mat wéineg Reschtautonomie (z.B. um Enn vun engem Schaffdag), muss e laangen Trajet refuséieren, ass hien theoretesch forcéiert, säin Emplacement ze verloossen, obwuel hien nach kéint een oder zwee méi kuerz Trajeten an der Uertschaft fueren. Gedenkt den Här Minister, esou Fäll, déi mat engem Verdéngschtausfall fir de betraffene Chauffeur verbonne sinn, ze reglementéieren?
6. Gëtt et Recommandatioune vum Här Minister, déi nei Luedtechnik (Supercharger), déi vill méi eng kuerz Luedzäit bréngt, bei Taxisplazen oder och generell bei de geplangte Luedstatiounen am Land ze installéieren?

7. Ass den Här Minister der Meenung, datt dës Statioune besonnesch och an de Parkhaiser, wou E-Autoe kënne geluede ginn, eleng kënnen eng effizient Notzung vun de Luedstatioune garantéieren, ouni datt een Auto dës stonnelaang blockéiert?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten